

Här Präsident,

D'Chamber gëtt ganz oft als Haus vun der Demokratie bezechent.

Demokratie ass awer net wann eng knapps Majoritéit vu Députéierten - eng denkbar knapps Majoritéit vun Députéierten - géint eng grouss Minoritéit vun Députéierten eng Dagesuerdnung wëll duerchboxen.

Mee de Probleem, Här Präsident, ass och deen, datt déi ganz knapps Majoritéit hei an der Chamber e Projet géint eng grouss Majoritéit vun der Bevölkerung wëll duerchboxen.

Wien fir den CETA stëmmt, beweist datt en aus der Coronakris näischt bäigeléiert huet. Wa gesot gëtt, no der Coronakris muss emgeduecht ginn, da muss och dee Faktor an der Iwwerléung afléissen.

Här Präsident,

D'Kolleeje vun der DP di mer an deem Sënn Leed.

Si di mer Leed well et jo hauptsächlech déi Gréng sinn, gefollegt vun der LSAP, déi den CETA mordikus, déi den CETA toxkäßesch, hei duerch d'Chamber duerchpeitsche wollten.

Dobäi ass et jo esou datt et am Prinzip grad d'DP ass - als liberal Partei - déi am mannste Probleemer mam CETA misst hunn.

An déi Gréng an d'LSAP, hätte missen dogéint kämpfen.

Ma neen, déi Gréng an d'Sozialisten kämpfen fir den CETA!

Dat huet awer alles eng Erklärung, Här Präsident:

déi Gréng an d'LSAP wëllen deen Dossier séier lassginn, well se wëssen datt den CETA flagrant géint hir Grondiddien verstéisst.

An dat ass dat schlemmst: déi Gréng an d'Sozialisten stinn emol net zu hirem Opportunismus.

Si duechten, komm mir zéien dat während der Coronakris duerch, da kann de Mouvement écologique net manifestéieren, da kënnen d'Gewerkschaften net manifestéieren.

Léif Gréng, léif Sozialisten, léif DP: dir hutt d'Demokratie ënnert Hausarrest gesat.

Wat bedenklech ass, ass de Fakt datt quasi all Umweltverbänn, Bauereverbänn a Gewerkschaften géint den CETA sinn.

An dat net nëmmen hei zu Lëtzebuerg mee an der ganzer EU (och am Kanada)! An der ganzer EU. Souguer déi Gréng si bal iwwehall dogéint – och am Europaparlament.

Ma neen, hei sin 10 LSAP-Députéiert an 9 Gréng Députéiert déi wëssen et besser wéi jiddereen op der Welt.

Déi Gréng an d'LSAP wëssen et besser wéi sämtlech Gewerkschaften, Umweltverbänn, Bauererverbänn hei zu Lëtzebuerg an a ganz Europa!

Hochmut kommt vor dem Fall: dir kënnt net éiweg kéint äer eege Basis goen. Dat geet schief aus.

Dir sidd ich jo bewusst datt äer Argumentatioun deckungsgläich ass mat der Argumentatioun vun de liberale Parteien a vun de Lobby'en ass.

An nach eng Saach, léif Gréng a léif Sozialisten.

Dir hätt et jo kéinten anescht ers maachen. Dir hätt jo kéinten an der Koalitioun dogéint kämpfen. Dat wier dat Couragéierst gewiecht.

Dir hätt och kéinte soen, mir sinn dogéint, mee mir sinn an enger Koalitioun an et gehéiert zu der Ofmaachung datt mir et matstëmmen. Dat wier net grandios gewiecht, mee wéinstens éierlech.

Et gëtt nach eng drëtt Méiglechkeet, an déi ass nach ëmmer op: dir stëmmt dogéint. Well souwäit ech verstanen hunn, vun der DP ofgesinn wäert d'CSV et och matstëmmen.

D'CSV huet 21 Sätz, d'DP 12, dat ginn 33 Stëmmen (méi, wéi déi aktuell Koalitioun), an da kéim den CETA souwisou duerch. Den CETA brauch iech guer net.

Mee ech fäerten ganz einfach datt dir tatsächlech op enger Linn sidd mat de wirtschaftsliberale Parteien a mat de Lobby'en an datt der tatsächlech mengt den CETA wier eng gutt Saach. Dat ass dat wat desaströs ass.

Här Präsident,

Vu datt d'Zäit gezielt ass, wäert ech just e puer Punkten opzielen déi beweisen datt den CETA an d'Poubelle vun der Geschicht gehéiert. Ech hu mech op 7 Punkten beschränkt, 7 Kapitalsënne déi der LSAP an de Gréngen net opgefall sinn.

1) Den CETA ass en ultraliberale Vertrag (Kap. 9, 9.7, 13, 19, 30.5):

Servisser gi libéraliséiert. Kapitalstréim gi libéraliséiert.

Oeffentlech Ausschreiwunge gi libéraliséiert. Déi öffentlech Servisser sinn och potentiell a Gefor: well d'Servisser gi mat enger Negativlëscht libéraliséiert. Dat heescht: alles ka libéraliséiert ginn wat net explizit ausgeklammert ass.

2) Den CETA ass en autoritäre Monstervertrag (Kap. 8 an 29)

Wann engem Multi eng Gesetzgebung net passt, da kann en virun engem Schiedsgeriicht kloen – a Recht kréien. Da kënne mir hei déi Gesetzer stëmmen déi mer wëllen, wa souwisou e puer Leit an engem Schiedsgeriicht eis Demokratie aushielege kënnen. De Problem ass och nach deen datt vill Regierungen sech ganz einfach autozenséiere wäerten fir nëmme kee

Prozess gemaach ze kréien. Ass dat demokratesch? Neen! Dat ass eng Diktatur vun de Multi'en déi sech do établiert.

3) Sozial- an Umweltstandard'en gi vum CETA geopfert (Kap. 22, 23, 24). All déi Passagen am Text déi vu soziale Rechter oder vun der Umwelt schwätzen si makulatur a juristesche net verbindlech a stinn an der Hierarchie wäit ënner dem sakrosankten Prinzip vun der Handelsfräiheet.

4) En aneren Artikel ass zoudéifst antidemokratesch: dee vun der regulatorischer Zesummenarbecht (Kap. 21 an 21.1). Am Kloertext: Multi'en kréien d'Méiglechkeet am Virfeld verschidden Standard'en ze beaflossen ouni datt EU-Députéierten - an nach manner ze schwätzen vun eis - eppes dovunner matkréie géifen.

An do geet et net nëmmen em Autospigelen: et geet ëm Sécherheetsnormen, et geet ëm de Konsumenteschutz, et geet ëm Umweltstandarden, et geet ëm sozial- an Arbechtsstandard'en oder ëm Finanzregulatioun. Dat si keng Klengegkeeten.

5) (Kap. 26, 26.1, 26.2) Wien kontrolléiert dat Ganzt? Mir net. Och net d'Europarlament. Net ze schwätzen vun de Bierger. Et ginn

9 Comité'en a Ennercomité'en geschafen déi d'Recht hunn den Accord ze interprétéieren an ze modifizéieren.

Dunkelkummeren par excellence.

- 6) Klimaschutz (Kap. 8 an 22.1). Doranner ass den CETA eng eenzeg Katastrof. Den Accord vu Paräis, dee jo souwisou net dat Gielt vum Ee ass, dee steet just pro forma dran, fir gewësse Leit eng gutt Excuse ze ginn den CETA unzehuelen. Dat ass e bëssen wéi wa mer elo hei e Gesetz géife stëmmen deen Doudesstrof erëm géif aféieren mam Zousaz „mee am Respekt vun de Mënscherechter“.

De Kanada gëtt oft als léif harmlos Natioun duergestallt, wahrscheinlech well de Verglach mam südleche Noper et och erméiglecht. Mee esou einfach ass dat net. Déi kanadesch Produktioun vun Teersand, déi extreem knaschteg ass, wäert weider gepusht ginn – zemols am Kontext vun der Koronakris.

Hei an der Chamber, an zemols vu Säiten vun der Koalitioun, gëtt gären vun der sougenannter zirkulärer Economie geschwat, wat u sech keng schlecht Iddi ass, well se doranner besteet datt ee versicht d'Produktionschaine, de Konsum an d'Wiederverwäertung sou lokal wéi méiglech soll halen.

Den CETA reiht sech jo an der Logik vun aneren  
Fräihandelaccord'en, déi schlussendlech bewierken wäerten  
datt mer tatsächlech eng zirkulär Ekonomie kréien: awer  
ronderem dem ganze Globus!

Grad elo an der Koronakris wou mer jo batter hu misse  
feststellen wat et bedeit wann Produktiounschainen uerchert  
d'Welt vuneneen ofhängeg sinn, solle mer en Accord unhuelen,  
deen den Gidderverkéier uechtert d'Kontinenter nach weider  
verschäerft.

Léif gréng Kollejen, déi Gidder déi aus dem Kanada kommen,  
déi ginn net mam Velo transportéiert. Déi komme mam Fliger  
oder mat Cargoschëffer.

A wa mer nach beim Klimaschutz sinn: et kann een domadder  
rechnen datt an Zukunft Moossnahmen am Klimaschutz sech  
ganz séier um Investorenschutz wäerte stoussen. Eventuell  
Restriktiounen déi een an Zukunft géinteniwwer vun der  
Petrolsindustrie huele wéilt, wäerten direkt virum  
Schiedgeriicht landen.

7) Den CETA ass mossgeschneidert op d'Intressen vun de Multi'en,  
also géint d'Intressen vun de Mënschen (Kap. 7, 8, 12, 13, 17,



20, 30.5). Et gëtt oft gesot den CETA wier awer transparent verhandelt ginn an d'Zivilgesellschaft wier mat agebonne gewiecht. Wann een ënner Zivilgesellschaft d'Lobby'e versteet, da jo, déi sinn agebonne ginn. Awer richteg. Déi krute méi wéi déi eng oder aner pro forma Entrevue wou se Froe stellen duerften.

Den CETA gouf hannert zouenen Dieren verhandelt an déi national Députéiert haten zu kengem Moment Zougank zu den Verhandlungsdokumentener. Par konter stoungen d'Lobby-Gruppen vun den Multinationalen während de ganzen Verhandlungen a Kontakt mat der EU-Kommissioun. Honnerten vun esou Lobby-Meetings sinn dokumentéiert. Déi Lobby'isten goufe vu kengem gewielt, vertrieede keng Bierger, hunn awer méi ze stoen.

Här Präsident,

Mir kommen an eng Welt eran wou Multi'en, gestäipt vun der Finanzindustrie a gehollef vu Vertäg wéi den CETA, eng weltwäit Diktatur opriichten, wou an de Länner zwar nach däerf gewielt ginn, mee wou d'Entscheidungen vun de Parlamenter ganz einfach net méi gräife wäerten. Den CETA ass e Bestanddeel vun dëser Diktatur an dir stëmmt dat mat.

